Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An enger Matdeelung zum Här Kooperatiounsminister senger Rees an déi besate palästinensesche Gebitter, déi de 6. September um Zitt vu sengem Ministère publizéiert gouf, heescht et, datt den Här Minister ënner anerem Entrevuë mat dësen Offiziellen hätt: "*Mohammad Shtayyeh, Premier ministre de l'État de Palestine, Riad Malki, ministre des Affaires étrangères de l'État de Palestine, et Shoukry Bishara, ministre des Finances de l'État de Palestine*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert war an dësem Zesummenhang vun engem palästinensesche "Staat" ze schwätzen, deen net vu Lëtzebuerg unerkannt ass, a wéi eng Auswierkungen esou eng Terminologie op déi Lëtzebuerger Noost-Politik huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten